

gedriwwe gouf mat dëser Cité judiciaire, wat eis elo zwéngt, ze piddelen, an dat ass natierlech net optimal.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Madamm Ministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci. Ech weess elo net, op wéi ee Bauteminister Dir Iech referéiert hutt, mee ech hoffen, dass mat där heiter Bauteministesch awer méi einfach ze schwätzen ass.

(Interruption)

Merci. De Mëtteg hu mer zwee Finanzéierungsgesetzer fir Bauprojeten um Ordre du jour. Ech sinn natierlech ganz frou domadder a ganz, ganz zefridden. Dir gesitt, dass d'Regierung och weider konsequent um Ausbau an un der Moderniséierung vun eisen Infrastrukture schafft. Mir investéiere weider. Mir musse weider an eis Zukunft investéieren. D'Betriber kréien esou nei Opdrä, wat eng gutt Nouvelle ass fir de Bausecteur, mee och fir allegueren d'Mataarbechter a Mataarbechterinne vun deem Secteur.

Ech soen natierlech och der Rapportrice e ganz grouse Merci. Si huet alles am Detail erkläert. Exzellente Rapport. Den Ale Kolléisch oder déi al Nationalbibliothék, wat wierklech en historescht Gebai ass, kritt elo en neit Liewen.

Mir wëllen esou e Patrimoine wierklech valoriséieren. Dat ass eis ganz wichteg. Et ass erkläert ginn, mat wéi engem Liewen dat Gebai dann elo gefüllt gëtt: op der enger Säit mat Kultur, op der anerer Säit mat eeben Espacen, déi fir eis Justiz wichteg sinn, well d'Cité judiciaire dat effektiv net méi packt. Et ass och drop higewise ginn, dass d'energeetesche Sanéierung e wichtege Volet vun deem Ganzen ass. Sou gesinn ech dat natierlech och. Et ass Referenz gemaach ginn op de Budget: Mir hätten hei kee Finanzéierungsgesetz misse maachen, et war mir awer léiwer. Déi hei Aarbechte wäerte véier Joer daueren. Mir wëssen, dass Indexextranché kommen an esou weider an esou virun, Indexadaptatiounen. Dofir wollt ech dann effektiv op Nummer sécher goen.

A vun dëser Plaz wëll ech dann och de Beamten a Beamte vun Ministère, wéi och der Administratioun, déi hei uewe vertrueden ass, e grouse Merci soen an och der Chamber Merci fir d'Ennerstëtzung.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Ministesch. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi dann ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8441. Den Text steet am Document parlementaire 8441².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8441 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun. De Projet ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler,

Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

11.8442 – Projet de loi relative à la construction de nouveaux bâtiments pour le Lycée Michel Lucius au Plateau de Kirchberg

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 8442 um Ordre du jour, e Projet iwwert de Bau vun neie Gebaier fir de Lycée Michel Lucius um Kirchberg.

D'Riedezäit ass nom Basismodell déi selwecht wéi virun. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet, d'Madamm Corinne Cahen. Madamm Cahen.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Corinne Cahen (DP), rapportrice | Villmools merci, Här President. 2016 huet d'Regierung sech bereeterkläert, verschidde Schoulgebaier vum Lampertsbiere fortzeplënnere, fir de Quartier ze entlaaschten. De Lycée Vauban ass 2018 op d'Cloche d'Or geplënnert an d'Uni ass haut gréisstendeels um Belval. Haut presentéieren ech Iech de Projet vum neie Lycée Michel Lucius, deen op de Kuebebiere um Kirchberg plënnere soll.

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer awer, fir d'éischt och hei e ganz kuerzen Historique ze maachen. De Lycée Michel Lucius huet 1966 seng Dieren opgemaach ënnert dem Numm „Collège d'enseignement moyen“. Duerch d'Joerzëngten ass de Lycée e puermol ëmgebaut ginn. 1979 krut en den Numm „Lycée Technique Michel Lucius“. An de 1970er-Joren ass de Lycée lues awer sécher op säin aktuelle Site geplënnert an der Avenue Pasteur. Deemools hat d'Gebai véier Filieken an e Sportkomplex mat enger Piscine, déi 1983 opgaangen ass. Dir fannt all déi historesch Detailer natierlech a mengem schrëftleche Rapport. Do kënnt Der dann och noliesen, dass de Lycée Michel Lucius wéinst sengem grouse Succès ëmmer nees huet musse vergréissert ginn. Net zulescht och, well en 2016 d'International School Michel Lucius gouf, déi no engem Pilotprojet souwuel am Primaire wéi och am Secondaire IEC-Klassen, also „International English Classes“, opgemaach huet.

Den Ament huet de Lycée am Ganzen 105 Klassen. Eppes iwwer 1.600 Schüler sinn am Lycée Michel Lucius scolariséiert: 659 am Enseignement secondaire général an 990 Schüler an den internationale Klassen. An de leschte Joren ass de Lycée Schülerméisseg immens gewuess, net zulescht wéinst dem Ukrain-Krich an deene jonken Ukrainer, déi sech séier an den engleschsproochegen Klassen agelieft hunn. De Lycée Michel Lucius ass deemno ze kleng ginn a soll an e puer Joer plënnere.

De Gesetzesprojet, deen ech Iech haut virstellen, gesäit de Bau vun engem ganz neie Gebai um Kuebebiere um Kirchberg vir. Et si 54 Klassen virgesinn. Et komme Geschichts- a Geografiesäll an d'Gebai, 31 Spezialsäll fir Bio, Chimie, Physik an esou weider, 9 Ateliere fir Musek, Konscht, Kichen. Déi ronn 100 Leit aus der Administratioun kréie Büroen. Fir déi 240 Enseignante sinn zwee grouss Openthalts- a Schaffräim virgesinn. Dann ass natierlech och e Service psycho-social virgesinn am Gebai. D'Schoul kritt ee grouse Sall, dee souwuel multifunktionell wéi och als Examensraum benotzt ka ginn. Et ass eng Bibliothék op zwee Niveaue virgesinn, e Schoulrestaurant mat 450 Sëtzplazen, eng Produktiounskiche fir 1.500 Platen, wou dann och fir de Fondamental spéiderhi soll kënne gekacht ginn. Niewent d'Schoulgebaier kënnt eng grouse Sportsaal mat véier Unitéiten, enger Salle de musculation, enger Salle multifonctionnelle, enger grousser Piscine mat sechs Couloiren an engem Garage fir Mountainbike-Vëloen.

Den Terrain ass net ganz riicht. Am Éislek géinge se soen, et wär „Éisleker Platt“, mee hei an der Stad ass en awer an der Pente. An dat ass architektonesch eng grouse Erausforderung, déi awer mat dësem Projet elegant geléist gouf. Den Terrain ass am Ganzen 2,65 Hektar grouss, mat engem Denivelé vu siwe Meeter. De Michel Lucius ass iwwregens dat éischt Gebai, dat um Kuebebiere wäert gebaut ginn. Wa keng Schoul ass – owes, weekends, mee och während de Schoulvakanz –, da wäerten d'Infrastrukture vum Lycée wéi och d'Gréngfläche ronderëm op si fir d'Awunner vum Quartier. Domat kann da jidderee vun dësem Projet profitéieren an de Schoulkomplex integréiert sech domat perfekt an de Quartier.

Erlaabt mer awer och nach, Iech e puer Detailer ze ginn zum Energiekonzept vum Gebai. Iwwert de ganzen Daach wäert Fotovoltaik sinn; en ass en plus südorientéiert. D'Südfassad vum Sportsgebai wäert ganz mat Fotovoltaikpannoen ofgedeckt ginn. Am Ganze si 7.000 Meeterkaree Fotovoltaikpannoe geplangt. Domat kënne 66 bis 70 % vun der ganzer Consumatioun ofgedeckt ginn.

Do dernieft ass e Bassin de rétention virgesinn. De ganze Konzept berout dorobber, dass et eng Bétonsstruktur ass op Piliere mat Dallen, mat engem liichte Cloisonnement, soudass een dat ganz einfach adaptéiere kann, wann am Laf vun der Zäit nei Besoine fir de Lycée kommen.

Et ass eng Dräifachverglasung virgesi mat effikasse mikroporforéierte Storen. D'Spächermass fir déi technesch Installatiounen ass esou kleng wéi méiglech, well d'Gebai selwer ka späichere. D'Luuchte sinn natierlech LED an et ass kee Lintean an de Klassen virgesinn. D'Dall geet riichtduerch an de Chassis gëtt an d'Dall eragesat, fir dass eeben e Maximum u Luucht erakënn.

Beim Waasser gëtt iwwregens och gespuert. Et gëtt Urinoiren ouni Waasser. D'Reewaasser gëtt fir d'Netze benotzt, mee och fir d'Wäsche vun de Mountainbikes. D'Waasser vun der Piscine gëtt och nees benotzt. D'Hëtzt gëtt dann och nach emol aus dem Waasser

erausgeholli. Am Bassin de rétention ka sech iwwrengens eng flott Fauna a Flora developpéieren.

E Wuert zum Budget dann. Deen ass e bësse méi héich wéi virduen an et ass ganz normal, dass mer dann haut dat Gesetz hei musse stëmmen. Den neie Lycée Michel Lucius wäert mat den Honorairen an der TVA eng 213,37 Milliounen Euro kaschten. Déi éischt Ausschreiwunge solle schonn dëst Joer gemaach ginn. De Staatsrot hat a sengem Avis vum 22. Oktober 2024 keng Observatiounen. Fir weider Detailer verweisen ech dann op mäi schrëftleche Rapport.

Discussion générale

A wann ech dann nach eng Sekonn just kann d'Kap vun der Demokratescher Partei undinn, vun der Fraktioun, wëll ech soen, dass mer immens frou sinn, dass ons Schüler a moderne Lycéeën kennen an engem gudde Kader léieren. Och wann de Sproch „Léierjore si keng Härejore“ ëmmer nees gesot gëtt, sou ginn awer an der Schoul d'Fundamente gesat fir d'Liewen. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass d'Kanner a gudde Konditiounen léiere kennen an dass d'Enseignanten a gudde Konditiounen enseigner kënnen. En Investissement an e Lycée ass e richtigen Investissement an d'Wëssen, an d'Bildung, an deemno an d'Zukunft vun onsem Land. Dofir gëtt d'Demokratesch-Partei-Fraktioun natierlech hiren Accord zu dësem Gesetzesprojekt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Cahen. Merci fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul Galles. Här Galles.

M. Paul Galles (CSV) | Jo, villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech gräifen elo direkt d'Wierder vun der Madamm Rapportrice zum Schluss op, dass et kloer ass, dass den Investissement an d'Bildung an an d'Ausbildung vun eise Jonken ëmmer en Investissement ass, dee sech immens lount. An dofir ass natierlech och fir eis als CSV kloer, dass mer den heite Projet vum neie Lycée Michel Lucius ënnerstëtzen.

Et ass e stolze Präis, mee et steet awer och e stolze Projet hannendrun. An dee gëtt engersäits dem Personnage vum Michel Lucius duerchaus ganz gerecht, awer natierlech och der Schoul, déi eng ganz dynamesch Schoul ass. Et ass eng Schoul, déi eeben déi engleschsproocheg international Klasse mat an hirem Curriculum dran huet an nach den Enseignement secondaire général. Dann huet se awer och spezialiséiert a speziell Angeboter fir Jugendlecher mat Difficultés d'apprentissage. Sciences de la vie sti ganz zentral am ganze Curriculum, Sciences de la Terre, des matériaux an esou weider. Dat heescht och eppes, wat ganz no un eiser Zukunft ass, wat de Buedem, wat d'Kultivéierung vum Buedem ugeet, d'Kultivéierung vun eisem Land, d'Kultivéierung iwwerhaapt vun eiser Kultur.

De Michel Lucius war selwer en interessante Personnage, och e ganz dynamische Personnage iwwrengens. E war Enseignant, e war Schoulmeeschter an zugläich och Geolog an huet et fäerdegbruecht, innerhalb vu 14 Joer eng Pionéieraarbecht ze maachen, nämlech dat ganz Lëtzeburger Land geologesch ze erfassen. Dat war während där Zäit, wou e gelieft huet, a 14 Joer eng mega Leeschtung, eng Pionéierleeschtung, a wirklech eppes, wat deemools immens vill bruecht huet an op dat och ganz vill konnt opgebaut ginn. Et gëtt also och senger Perséinlechkeet gerecht.

Domat, mengen ech, hunn ech genuch Grënn genannt, fir dëse Projet ze ënnerstëtzen. Déi sinn do a mir ginn eis Zoustëmmung. Merci villmools.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Galles. An dann ass d'Wuert fir den Här Yves Cruchten. Här Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President. A selbstverständlech wäerte mir och den heite Projet matdroen. E werft natierlech awer nach an eisen Aen zwou Froen op, déi ech der Ministesch wéilt stellen.

Déi éischt Fro ass natierlech déi: Wat geschitt mat deem ale Site um Lampertsbiërg? Et ass jo esou: Wann ech de Projet de loi liesen, da liesen ech, dass d'Stad Lëtzebuerg sech wënscht, dass de Lampertsbiërg soll desengorgéiert ginn. Also, op Lëtzebuergesch géif ech dat emol mat „entlaaschten“ iwwersetzen – wat jo och verständlech ass. Mee wat fir eng Projete, wat fir eng Iddie gëtt et, fir den ale Site ze developpéieren? Bleift den an effentlecher Hand? Dat heescht wien huet en herno? Gëtt et d'Stad Lëtzebuerg? Gëtt et de Staat? Oder gëtt et vläicht e gemeinsame Projet? Gëtt et Iddien? Kënnst Der eis vläicht eppes doriwwer zielen?

An dann awer nach eng zweet Fro, déi ech un d'Madamm Ministesch hätt ... Déi kéint se zwar och hirem Kolleeg stellen, dem Educationminister respektiv dem Landesplanungsminister – dat ass eng an déi selwecht Persoun iwwrengens. Do ass meng Fro ... Mir hunn an deene leschte Joren eng ganz Partie nei Schoulinfrastrukture gebaut, wéi zu Bouneweg, zu Ierpeldeng, zu Jonglënster, zu Gilsdref, zu Stroossen; ech nenne se elo net alleguerten. Mee d'Fro, déi sech awer stellt, ass: Gëtt et iergendwéi eng Strategie? Gëtt et e Plang vun der Regierung, dee virauskuckt: Wat brauche mir a 25 Joer, an 30 Joer? Wat brauche mer vu Schoulinfrastrukturen? A wou am Land brauche mer déi Infrastrukturen? A wéi eng Infrastrukture wäeren dat?

Virun 20 Joer hate mer de Plan sectoriel „Lycées“. Deen hat jo schonn esou eng Iwwerleeung gemaach. Mee souwäit elo meng Recherche gaange sinn, hunn ech néierens fonnt, dass dee jee eng Kéier soll aktualiséiert gi sinn. Vläicht kënnt Der mech doriwwer informéieren. Oder hutt Dir entre-temps iergend aner Projete lafen, wéi den, den den anticipative Gedanken do huet, fir e bësse virauszuekucken, wéi eist Land evoluéiert a wéi dann och déi schoulesch Besoinen a schoulesch Infrastrukture sollten evoluéieren?

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Cruchten. Et ass um Här Jeff Engelen. Här Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mir fir unzefänken, der Madamm Corinne Cahen en häerzleche Merci ze soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech mengen, wéi d'Madamm Cahen elo hire mündleche Rapport virgedroen huet, huet se vun de 60er-Jore geschwat, vun der École moyenne, wann een dat emol sou däreft soen. Dat erënnert mech drun: Ech war an der Nopeschschoul. Deemools war dat nach en hëlzent Gebai, wann elo meng Memoiré richtig sinn. Ech war an der Beruffsschoul. Et war an de 60er-Joren. Do ass mer déi Erënnung erëm erëmkomm.

Bon, ech mengen, mir brauche permanente Schoulausbau. Den Här Yves Cruchten huet och drop higewisen, dass mer vläicht eng Kéier missten do eng Etüd maachen, wat mer alles brauchen an hei an do. Mee wat wichteg ass, dat ass: Mir brauche Lycéeën fir eist Land a fir eis Gesellschaft. An dofir begrëisse mer och dëse Projet.

Mir sinn och frou, dass et elo mol an en anere Quartier gelagert gëtt, dass net ëmmer d'Schoulprojete all beieneeleien. Dat gëtt eis och eng Entlaaschtung vun eise Quartieren. An deem Sënn begrëisse mer dëse Projet. An ech bréngen d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Projet.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engelen. Här Meris Sehovic, et ass un Iech.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Merci, Här President. Als fënnefte Riedner an där heiter Debatt ass et schwéier, nach eppes Neies eranzebréngen. Normalerweise fokusséieren och mech gären och op déi méi architektonesch Komponent, op dat Energiegescht. Mee och dat huet d'Rapportrice haut ganz in extenso gemaach. Dat heescht all déi Notten, déi ech mer dozou gemaach hunn, erspuren ech Iech à ce stade.

Vläicht ee Gedanken: Wann ech mer d'Zuelen ukucke vun de Schülerinnen a Schüler, déi hei zu Lëtzebuerg am effentlechen Enseignement secondaire beschoult ginn, da stellen ech fest, dass an deene leschte siwe Joer déi Zuel ëm 15 % an d'Luucht gaangen ass an domadder och de Besoin un zousätzlechem Schoulraum – an dat géllt sécher fir de Secondaire, sécher och fir de Fondamental – eigentlech zougeholl huet an och weiderhin akut bleift.

An dowéinst meng Fro un d'Ministesch: Vu d'Entwécklung vun de Schülerzuelen an d'Projektiounen an d'Zukunft, wéi eng weider Lycéeën, wéi eng weider konkreet Projete sinn an deenen nächste Joren ënnerwee? Ech hunn e séieren Tour versicht ze maachen duerch Äre Koalitionsaccord. Do ass eigentlech déi eenzeg konkreet Infrastruktur, déi ernimmt gëtt, de Sportlycée. An do wollt ech froen, wéi et do ausgesäit mam Bau vun engem neie Sportlycée? Gëtt et do Detailler? Gëtt et do Delaien? Wou si mer do drun?

Merci fir Är Äntwert. An natierlech ënnerstëtze mir Gréng den heite Projet. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Sehovic. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir wäerten den heite Projet natierlech och ënnerstëtzen. Natierlech ass et och wichteg, de Lampertsbiërg ze entlaaschten oder ze „desengorgéieren“, wéi een an der Stad seet.

(Hilarité)

Mee dat muss mer ... Dat ass wichteg. Et muss een och derfir suergen, vläicht de Kierchbiërg net ze vill ze belaauchten. Net dass den och eng Kéier muss entlaascht ginn. Mee bon.

An ech kann och nëmmen dem Här Cruchten seng Fro ënnerstëtzen, fir ze wëssen, wéi déi weider Planifikatioun virgesinn ass, well mir hunn immens grouss Besoinen, wat d'schoulesch Infrastrukturen ugeet, an et ass besser, dat koordinéiert an equilibréiert uechtert d'Land unzuegoen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Dann hunn ech nach eng Wuertmeldung vum Här Wolter. Här Wolter.

M. Michel Wolter (CSV) | Jo, Här President, wéi mer viru 25 Joer de Plan sectoriel „Lycées“ gemaach hunn – d'Madamm Brasseur an ech selwer –, do hu mer eis eng Rei Froe gestallt, nämlech genau déi, déi haut nees op der Tapét sinn: Wéi gesäit d'Schoulinfrastruktur an hir Entwécklung an deenen nächste 25 Joer aus a wat muss mer haut maachen, fir dat ze plangen?

Ech muss soen, duerch dee Plan sectoriel sinn eng ganz Rei Saache geschitt. A besonnesch frou sinn ech, datt no 25 Joer dann och de Plang fir dës Lycée, wou mer deemools schonn der Meenung waren, dass en op de Kierchbiërg sollt kommen, fir de Quartier ze entlaaschten, da Realitéit gëtt.

Dat ass ongeféier esou déi Zäit, déi mer zu Lëtzebuerg brauchen, fir e Projet ze maachen: 25 Joer – also den Duerchschnitt vum enger Strooss, ...

(Interruption)

... an nach net alleguer.

(Hilarité)

Mee 25 Joer si fir eng Schoul e bësse vill. An dat huet eppes domadder ze dinn, dass do nach laang net jiddwereen der Meenung war an der Zäit, datt een dee Lycée do soll vum dem Lampertsbiërg erfouelen. Déi eng waren derfir, déi aner waren dergéint, soudass eng Rei Joren an d'Land gaange sinn, bis déi Decisioun geholl ginn ass.

Alles dat, wat mer deemools gemaach hunn – Här Cruchten, wann ech Iech op Är Fro därer äntweren –, dat huet 2004 an engem Dokument geendegt, dat „IVL“ geheescht huet, wou mer och déi Gedanke vun de Schoul-Plan-sectoriellen opgeholl hunn, wou mer Propositione gemaach hunn, wéi mer eis Schinn kéinte moderniséieren, wéi mer Stroossen a Contournement kéinten organiséieren, wéi mer Aktivitéitszone kéinten an d'Land bréngen, wéi mer eng intelligent Extenssioun vun de Perimeetere géife maachen.

Mir haten 20 Plazen am Land definéiert, wou ee kéint eng Extenssioun vum Perimeeter maachen. Jee, mir si souguer souwäit gaangen, dass mer eng Moderniséierung an eng Neigestaltung vum Gemengewiesen deemools proposéiert haten. Alles Saachen, déi gutt gemaach gi wäeren an deene leschte 25 Joer.

Hoffe mer dann, datt mer eng Generatioun vu Politiker an nächster Zäit kréien, déi d'Noutwendegkeet méi erkenne wéi an deene leschte 25 Joer, dass et noutwendeg ass, an d'Zukunft ze kucken an eeben dann och déi virausschauend Politick ze maachen, déi net am selwechte Moment, mee heiansdo eréischt a 15 oder 20 Joer zu engem Resultat féiert.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wolter. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwenen an net ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

(Hilarité)

An dann hätt d'Regierung d'Wuert. Madamm Ministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Vu menger Säit dann och e grouse Merci un d'Madamm Rapportrice fir hiren exzellente méndlechen a schrëftleche Rapport. Ech mengen, mir wëssen allegueren, dass mer e ganz grouse Besoin u Schoulen a Lycéeën hei am Land hunn. Mir wëlle weider modern Schoulgebaier hunn. Mir wëllen deene Jonken en optimaalt Ëmfeld fir hir Entwécklung an d'Erzéiung bidden.

E positiiv, en inspiréierend an en nohaltéig Léierëmfeld, datt ass dat, wat mir deene Jonke wëlle bidden. Hei ass scho gesot ginn: d'Sportinfrastrukturen – och ganz wichteg fir déi 1.800 Schülerinnen a Schüler, déi da wäerten an e puer Joer kënnen an deen neie Lycée goen.

Mat Ärem Accord fir dëst Finanzéierungsgesetz kënnen dann och d'Prozedure lancéiert ginn. De

Chantier kann 2026 ufänken, fir dass d'Schoul dann 2030 – hoffentlech! – d'Diere kann opmaachen. Ech mengen, wat och ganz flott ass, ass, dass den Tram bis dann och hoffentlech dohinner wäert fueren. Et ass virgesinn, dass 170 Vélosplazen do sinn, och fir déi Jonk. Ech mengen, dat sinn alles ganz flott Perspektiven.

Iwwert de Budget ass geschwat ginn, effektiv e stolze Präis, mee effektiv fir e stolzen a wichtige Projet.

Et si verschidde Froe gestallt ginn. Ech mengen, déi eng ass effektiv fir den Här Meisch, dee beschtoppelt ass, fir Iech kënnen dodrop ze äntweren.

Wat geschitt mat deem ale Site? Déi Gespréicher hunn ech op alle Fall elo nach net gefouert. Dofir gitt mer do Zäit, fir ze kucken, wat dann do wäert geschéien.

Weider Lycéeën – ech mengen, och do kann ech eng Kéier, wann Der wëllt, mat oder ouni den Här Meisch, an déi zoustänneg Chamberskommissioun kommen. De Lycée technique du Centre um Ban de Gasperich ass natierlech och eppes, wou mer wäerte bei Iech drop zréckkommen.

Voilà! Ech soen Iech e grouse Merci. Ech mengen, dat heiten ass wierklech e ganz flotte Projet, wou mer mat Ärem Accord wëllen esou séier wéi méiglech kënnen ufänken, drun ze schaffen. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister.

Domat wäere mer dann um Schluss vun eiser Diskussioun ukomm a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8442 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8442².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8442 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme, also keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dësse Projet ass also eestëmme mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Nathalie Morgenthaler), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferdig, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Engel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Djuna Bernard) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

12. Ordre du jour (suite)

Éier mer elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, géif ech proposéieren, wann Der domat d'accord wäert, datt mer déi Motioun vum Här Sehovic elo géifen traitéieren.

Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Da kënne mer dat esou maachen.

13. Motion de M. Meris Sehovic relative à la promotion de l'électromobilité au Grand-Duché de Luxembourg

(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 47 de ce compte rendu)

Här Sehovic, wëllt Dir elo nach eng Kéier? Dir wëllt duerno vläicht nach eng Kéier schwätzen?

(Assentiment)

Ok.

Dann, wie méllt sech zu Wuert? Ech hunn zwou Wuertmeldungen: d'Madamm Hartmann an den Här Boonen.

Ech ginn der Madamm Hartmann d'Wuert. An dann huele mer déi aner hannendrun. Dir kritt all d'Wuert. Madamm Hartmann.

Discussion générale

Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, den Här Sehovic hat bei senger Fro an der Äntwert vum Minister u sech och schonn Äntwerte kritt op déi Motioun, déi en hei ervirbruecht huet, par rapport zu enger Reintroduktioun vun der Subvention étatique, wat d'Bornes de charge accessibles au public ubelaangt.

Dir wësst, dass wéi déi Subventioun agefouert gouf, e gewëssenen Drock par rapport zu de Präisser do war an dass et eng immens grouss Hausse um Niveau vum Spotmarché ginn ass. Abee, déi Hausse, déi ass – an dat wësst Der och gradesou gutt wéi ech – nees erofgaangen, soudass mer haut nees op engem ganz aneren Niveau sinn an doduerjer och déi Mesür hei an deem Sënn, an dat ass och esou erkläert ginn, net verlängert ginn ass.

Et ass awer nach nach wie vor esou, dass een d'Méiglechkeet huet, weider och Subventiounen ze kréien, fir doheem Bornen ze installéieren. Déi Ënnerstützung, déi gëtt et nach wie vor. An dann ass et jo och d'Iddi, d'Leit ze encouragéieren, sech och selwer Energiezoufuer ze schafen iwwer Fotovoltaikpannoen, wou et jo och d'Iddi ass, do en Tiers payant anzeféieren, soudass u sech déi Leit, déi och an d'Fotovoltaik investéieren, net méi de komplette Montant direkt musse bezuelen, mee datt se u sech nëmmen nach déi Part solle selwer droen, déi se och en fin de compte musse bezuelen.

Dat ass eppes, wat de Leit entgéintkënn a wat se an eisen Aen och weider encouragéiert, an déi doten erneierbar Energien, hei an d'Elektrescht, ze investéieren. An Dir hutt, mengen ech, och selwer de Projet de loi ugeschwat, deen elo Enn Dezember deposéiert gouf an dee mer elo wäerten an enger nächster Ekonomieskommissioun presentéieren.

Ech géif doduerjer menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun hei net matzedroen.